LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L - 2338 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
06 SEP. 2019

Référence : 82dxdbc5d

Luxembourg, le 5 septembre 2019

**Concerne :** Question parlementaire n° 946 du 23 juillet 2019 de Monsieur le Député Sven Clement concernant l'obligation d'un "Compte chèque postal" pour le personnel de la fonction publique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre des Finances,

Pierre GRAMEGNA

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg

Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625

Adresse postale:
L-2931 Luxembourg

ministere-finances@fi.etat.lu
www.etat.lu

144-000003 20040525-FR

**Äntwert vum Finanzminister, dem Wirtschaftsminister an dem Minister fir den Ëffentlechen Déngscht op d'parlamentaresch Fro n°946 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

Wat déi éischt Fro ugeet, sou gesäit den honorabelen Deputéierten ee Widdersproch wou keen ass. D'Gratuitéit, op déi an der Äntwert op d'Fro 271 Referenz gemaach gëtt, gëllt fir de Staat genee wéi fir all anere Client vun der Post. Nawell ensteíng fir de Staat een zousätzlechen administrativen Opwand, an domatter och Käschten, wann an Zukunft d'Peien net méi alleng iwwert de CCP géife bezuelt ginn.

Och wann d'Délaien vu Iwwerweisungen, wéi vum Deputéierten beschriwwen, iwwer déi läscht Joren allgemeng méi kuerz gi sinn, ännert dat näischt un der Tatsaach, datt zum aktuellen Zäitpunkt identesch Délaien beim Iwwerweisen vun de Gehälter fir all Mataarbechter vum Staat nëmme garantéiert sinn, wann all Iwwerweisungen iwwert een an dat selwecht Finanzinstitut gemaach ginn.

Wat d'Froen 2 an 3 ugeet, sief gesot, dass d'Trésorerie tëscht 1999 an haut keng "ouverture d'office" gemaach huet, an dat och an Zukunft nët maache wäert.

Zu de Froen 4 a 5 ass et wichteg, de Fonctionnement vum modifizéierte Gesetz vum 23. Oktober 2011, op dat den Deputéierten sech berifft, richteg ze verstoen. Dest Gesetz ass déi juristesch Grondlag fir Praktiken vun Entreprisen ze kontrolléieren, déi d'Spill vun der Konkurrenz op engem Marché kéinte verhënneren. Dat kann eng Entente tëscht verschidden Acteure sinn oder de Mëssbrauch vun enger dominanter Positioun. Dat nationaalt Gesetz gëtt op europäeschem Plang vun den Artikelen 101 an 102 vum Traité iwwer de Fonctionnement vun der EU complétéiert. Dës Artikelen sanktionéieren Entreprisen di op hir eegen Initiativ hin esou Mesuren ergräifen, wat hei awer net de Fall ass.

De Ministeren ass kee Fall bekannt, an deem ee Mataarbechter vum Staat ee Prêt net accordéiert kritt hätt, well seng Pei bei der Post domiciliéiert wär. Wat d'Ofbezuele vu Prêten ugeet, sou ass an der Praxis an all Fall een Transfert vun der Mensualitéit op de Kreditskonnt néideg, souguer dann, wann d'Pei op ee Konnt bei dem selwechten Etablissement kënnt.

Wat d'Froen 6 a 7 ugeet, sou ass et evident, dass de Staat d'Peien net selwer, mä just iwwert ee Finanzinstitut ausbezuele kann, an dass all Client, deen a Relatioun mat engem Finanzinstitut trëtt, de Konditiounen vun deem Institut zoustëmme muss, egal op dat d'Form vun engem Etablissement public oder enger privater Firma huet.

D'Problematik, déi an der Fro 8 opgeworf gëtt, stellt sech net, well de Staat am Kader vum Kontraktofschloss guer net intervenéiert an also och keng Donnéeën weidergëtt.

Ofschléissend sief drop higewisen, dass d'Zuel vun de Reklamatiounen, déi an der Praxis zu deem Thema erakommen nëmme geréng ass, an déi entspriechend Petitiounen (n°529 an n°1210) och net iwwerméisseg vill Ënnerschrëfte kruten. Am Kader vun der Digitaliséierung sinn d'Trésorerie vum Staat, de Centre des technologies de l'information de l'Etat an de Ministère vum Ëffentlechen Déngscht, nawell amgaang ze kucken wéi eng Méiglechkeeten et kéinte ginn, fir d'Peien an d'Pensiounen an Zukunft och op aner Konnten wéi ee CCP ze iwwerweisen.